De Finanzminister kënnt jo och moies an eng speziell aberuffe Sitzung vun der Cofibu. Ech mengen, et ass eng Deklaratioun vun der Regierung natierlech, mä wou awer dann de Fachminister effektiv hei, wéi scho mäi Virriedner gesot huet, awer an deene leschten - wéi soll ech soen? - Evenementer oder och an deene leschte Punkte wahrscheinlech da Bescheed weess, an deenen technesche Punkten, fir et emol esou ze formuléieren, wat diskutéiert ginn ass, soudatt dat och ganz opschlossräich ass, datt natierlech och eng politesch Diskussioun muss do gefouert ginn.

An ech mengen, muer steet et jiddwerengem fräi, an dat wäert och wahrscheinlech jiddweree maachen, datt och déi politesch Aspekter an och déi Froen, déi sech méi generell zu Europa stellen, do kënnen erërtert ginn.

Ech sinn och voll a ganz domat averstanen, datt een do, wann een d'Dokumenter nach ka kuerzfristeg organiséieren, datt een dat mécht. Ech mengen, mir huelen dann direkt Kontakt op mat dem Finanzministère, fir do esou vill... Ech kann elo net garantéieren, datt elo all Dokumenter eventuell esou kuerzfristeg kënnen organiséiert ginn, mä op alle Fall déi, déi een do ka kréien, déi och an auslännesche Parlamenter zur Verfügung stinn, dat misst jo méiglech sinn, datt mer déi dann hunn.

An et wäert sécherlech och net déi leschte Kéier sinn, datt mer iwwert deen Dossier nach wäerten diskutéieren. Et wier ze hoffen, datt et déi leschte Kéier wier, muss ech éierlech soen, et wier eigentlech dat mäi Wonsch, mä et ass ze fäerten, loosse mer et emol esou formuléieren, datt et awer net déi leschte Kéier ass.

Mä dat gesot, da wier awer och eis Propos, fir ebe bei deem Ordre du jour, dee mer haut de Moien an der Conférence des Présidents festgeluecht hunn, fir bei deem ze bleiwen. Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Berger. D'Madame Loschetter an dann den Här Gibéryen.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Jo, Merci, Här President. Mir begréissen et ausdrécklech, datt mer an där beschtméiglecher Zäit kënnen hei an dësem Plenum eng éischt Debatt iwwert d'Situatioun vun Europa betreffend Griichenland féieren. An duerfir si mer och frou, datt mer dat muer scho kënne maachen an datt mer virdrun, dat heescht moies, an där zoustänneger Kommissioun kënne mam Minister déi neistméiglech Informatioune kréien, déi mëttlerweil jo awer changéiere vun Dag zu Dag.

Duerfir mengen ech, datt et ubruecht ass, fir muer de Mëtten zesumme mam Finanzminister eng éischt Debatt ze féieren. Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och der Madame Loschetter. Den Här Gibéryen.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Här President, mir sinn dermat averstanen, datt mer beim Ordre du jour bleiwen, esou wéi e proposéiert ass. Mir wëssen, de Premier ass am Ausland an e kënnt eréischt kuerzfristeg zréck. An ech mengen, dat ass och net esou wesentlech, well déi Deklaratioun, déi gemaach gëtt, dat ass jo am Numm vun der Regierung, wou se gemaach gëtt. Ee Minister, deen eng Deklaratioun mécht, mécht se ëmmer am Numm vun der Regierung.

An et war de Finanzminister, deen eis jo och d'lescht Woch an der Finanzkommissioun informéiert huet, deen eis muer informéiert an der Finanzkommissioun an dee jo och am Detail déi Diskussioune gefouert huet, well op europäeschem Niveau waren et jo och d'Finanzministeren, déi d'Diskussioune gefouert hunn, quitte datt herno d'Stats- a Regierungschefe politesch mussen d'Décisiounen huelen.

Wat mir méi wichteg schéngt, an et ass jo och vun de Kolleegen hei alleguer begréisst ginn, dat ass déi Dokumentatioun, déi mer zur Verfügung solle gestallt kréien. An ech wier frou, wa mer net géife waarde bis muer de Mëtten zwielef Auer, bis mer déi kriten. Ech mengen, wann déi haut an Däitschland dem Bundestag verdeelt ginn ass, da misst et jo och méiglech sinn, fir datt mir dat eventuell och nach haut kéinte kréien, fir datt déi Leit, déi muer intervenéieren, och nach déi Zäit hätten, fir kënnen an déi Dokumenter eranzekucken. Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Gibéryen.

Domat si mer um Enn vun der Ronn ukomm. Ech géif proposéieren, dass mer eis zum Echo vun der Chamber maachen an direkt Récksprooch huele mam Finanzministère, fir déi Dokumentatioun, déi disponibel ass, der Chamber esou séier wéi méiglech zur Verfügung ze stellen.

Da géife mer iwwergoen zum Vote iwwert den Ordre du jour. Do ass wahrscheinlech d'elektronesch Ofstëmmung gefrot?

(Assentiment)

Jo. Da gi mer zum Vote iwwer.

Vote sur l'ordre du jour

D'Ofstëmmung fänkt un.

(Interruption)

Mir stëmme fir d'Propos vun der Presidentekonferenz vun de Moien. Wien also do dermat d'accord ass, stëmmt mat Jo, an deen dergéint ass, mat Neen. Merci fir d'Prezisioun!

An d'Procuratioune sinn och gemaach, ginn ech emol dovun aus. Jo. An de Vote ass ofgeschloss.

58-mol Jo fir de proposéierten Ordre du jour, 2-mol Neen. Domat ass den Ordre du jour mat grousser Majoritéit ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes (par Mme Martine Mergen), Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert (par M. Claude Wiseler), MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Eugène Berger), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: MM. Serge Urbany et David Wagner.

A mir géifen zum éischte Punkt vun eisem Ordre du jour iwwergoen. De Projet de loi 6788 betrëfft e Protokoll zu enger Konventioun iwwert d'Rechter vun de Kanner. An d'Wuert huet direkt den honorabelen Här Rapporteur, den Här Lex Delles, dee scho prett ass.

4. 6788 - Projet de loi portant approbation du Protocole facultatif à la Convention relative aux droits de l'enfant établissant une procédure de présentation de communications, signé à Genève le 28 février 2012

Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

M. Lex Delles *(DP), rapporteur.*- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, de virleiende Projet ass ee vun deene Projeten, déi um Ordre du jour nawell gären iwwersi ginn. Et ass e bësse schued, well et bei deem heiten, deem virleienden Text, ëm e Projet geet, wou et ëm déi geet, déi an eiser Gesellschaft am meeschten op eise Schutz ugewise sinn: Et geet ëm eis Kanner respektiv ëm hir Rechter.

Et handelt sech hei ëm deen drëtte fakultative Protokoll vun der UN-Kannerschutzkonventioun vum 20. November 1989. De Protokoll selwer ass vun 2011, a Lëtzebuerg war eent vun deenen éischte Länner, déi dëse Protokoll ënnerschriwwen hunn.

Am Inhalt vum virleienden Text ass ënner anerem eng Prozedur virgesinn, fir kënnen eng individuell Plainte beim Comité des droits de l'enfant vun der UN anzereechen. Dës Plainte gëtt méiglech, wann all aner Rekursméiglechkeeten erschëpft goufen.

Eng Prezisioun zum Rôle an zur Aufgab vun dësem Comité: Hie setzt sech aus zéng unerkannten Experten zesummen a seng Missioun besteet doranner, fir ze kucken, ob déi Staten, déi d'Kannerschutzkonventioun ratifizéiert hunn, sech och un hir Dispositiounen halen. Des Weidere gëtt duerch de Protokoll eng Prozedur vun der innerstaatlecher Kommunikatioun agefouert.

Mat der Ratifizéierung vum Protokoll erkennt Lëtzebuerg och d'Kompetenz vum Comité des droits de l'enfant un, fir kënnen dës Kommunikatioun ze analyséieren am Fall, wou ee Stat een aneren accuséiert, géint d'Kannerschutzkonventioun ze verstoussen. Schlussendlech gesäit de Protokoll eng Enquêtëprozedur am Fall vu grave respektiv systematesche Verstéiss géint d'Konventioun vir. Dës Prozedur ka vum Comité des droits de l'enfant lancéiert ginn.

Här President, wouranner besteet den Intérêt vu Lëtzebuerg, fir dëse Prodokoll ze ratifizéieren?

Et ass net nëmmen e juristeschen Intérêt, wéi een dat opgrond vu mengen Ausféierunge vläicht kéint mengen, déi e bësse méi technesch waren. Neen! Wa mir als eent vun deenen éischte Länner dëse Protokoll unhuelen, dann ënnersträiche mir domadder eise Wëllen, fir d'Situatioun vun de Kanner respektiv vun hire Rechter ze verbesseren. Ech mengen, dass et duerchaus manner gutt Motiver ginn, fir e Gesetzesprojet séier ëmzesetzen!

Här President, a sengem Avis vum 5. Mee 2015 - dëst war iwwregens deen eenzegen Avis, dee bis zum Vote vum Rapport virlouch - huet de Statsrot et ausdrécklech begréisst, dass Lëtzebuerg de Protokoll wëllt ratifizéieren, well en der Meenung ass, dass heiduerch d'Applikatioun vun den Dispositioune vun der Kannerschutzkonventioun gestäerkt gëtt.

De Conseil d'État huet awer och e bësse méi eng kritesch Remarque gemaach, andeems en d'Fro opgeworf huet, ob déi concernéiert Servicer an Administratiounen zu Lëtzebuerg, méi speziell den Ombuds-Comité fir d'Rechter vum Kand, den ORK, och wierklech déi néideg Moyenen hunn, fir hiren Aufgaben och richteg kënnen nozekommen.

Dës Fro ass sécherlech net ganz onberechtegt, mä et géif de Kader vun dësem Rapport zu dësem Projet de loi sprengen. Vläicht kann awer de Minister heizou e puer Detailer ginn.

De Statsrot huet a sengem Avis och nach drop higewisen, dass legislativ Texter aneschters wéi Reglementer keng Formule exécutoire enthalen. Den entspriechenden Artikel, urspréngléch den Artikel 3 vum Text, gouf der Recommandatioun vum Statsrot entspriechend fale gelooss.

Ofschléissend, Här President, wëll ech nach e puer Mercie lassginn: natierlech e Merci un d'Kolleeginnen an d'Kolleegen aus der Éducatiounskommissioun fir déi gutt Zesummenaarbecht am Kader vun dësem Projet de loi, awer och e spezielle Merci der Sekretärin vun der Kommissioun, der Madame Christiane Huberty, där hire leschte Rapport dat heite war, an nach eng Kéier Merci fir déi gutt a vertrauensvoll Zesummenaarbecht!

Dëst gesot, ginn ech natierlech och den Accord vun der Demokratescher Partei zum virleiende Projet de loi.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Rapporteur. Éischt ageschriwwe Riednerin ass d'Madame Sylvie Andrich-Duval. Madame Andrich, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

Mme Sylvie Andrich-Duval *(CSV).*- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, pünktlech zum 25. Gebuertsdag vun der UNO-Kannerrechtskonventioun, wann och net op den Dag genee, ratifizéiert Lëtzebuerg haut den drëtte fakultativen Zousazprotokoll zu dëser internationaler Konventioun, deen erméiglecht, dass Kanner a Jugendlecher, eenzel oder am Grupp respektiv duerch e rechtleche Vertrieder, hir Rechter elo direkt bei de Vereenten Natioune kënnen akloen. Merci dem Rapporteur, deen eis elo just mëndlech an och a sengem schréftleche Rapport genee dat dote beschriwwen huet. Dat erlaabt mer, am Numm vun der CSV just op e puer Aspekter anzegoen.

Lëtzebuerg ass domat dat 18. Land vun den UNO-Memberlänner, dat dësen Zousazprotokoll duerch säi Parlament unhuele léisst, nieft den 49 Länner, déi bis de 27. Juni 2015 ënnerschriwwen haten. Ënnerschriwwen hat Lëtzebuerg dat Dokument awer schonn den éischte méiglechen Dag, wou dee Protokoll opgaangen ass fir d'Ënnerschréft, an zwar den 28. Februar 2012, ënnert der viregter Regierungskoalitioun. An domat huet Lëtzebuerg eng Virreiderroll ageholl. Et louch iwwregens och schonn en Avantprojet am Tirang am Summer 2013.

Kannerrechter si Mënscherechter, an dofir hu se an den Ae vun der CSV e besonnesche Stellewäert. D'CSV begréisst deemno ausdrécklech d'Plus-value vun deem Protokoll. Et ass eng Opwäertung vun der UNO-Kannerrechtskonventioun, well si dee leschten UNO-Traité war, deen nach keen individuellt Recht virgesinn hat, fir Klo ze féieren. Den UNO-Kannerrechtscomité war dat eenzegt Organ vun de Vereenten Natiounen, dat net de Pouvoir hat, fir eenzelne Plainten nozegoen.

E weidere Meilesteen also fir d'Kannerrechter!

Et ass unzehuelen, dass den Impakt fir Lëtzebuerg awer éischter méi symbolescher Natur wäert sinn, well mer jo schonn zënter dem 25. Juli 2002 e Gesetz verankert hunn, also e Gremium am Gesetz verankert hunn, dat ënner anerem zoustänneg ass, fir deene verschiddenen individuelle Plainten nozegoen, an zwar den Ombuds-Comité fir d'Rechter vum Kand, ORK. Dee gëtt awer praktesch schonn elo iwwerschwemmt mat Eenzelfäll.

Déi nei individuell UNO-Plaintëprozedur spillt jo, wéi mer et héieren hunn, nëmmen, wann all rechtlech Mëttel an deem jeeweilege Stat ausgeschäfft sinn an nach weider och Konditiounen erfëllt sinn, ënner anerem eng schréftlech Demande, déi innerhalb vun zwielef Méint muss agereecht ginn.

Den ORK sengersäits gesäit en direkten Zougang vir fir d'Kanner iwwer E-Mail oder Télefon, ouni dass e Bréif muss geschriwwe ginn. En huet och en Internetsite an en ass op Facebook. An trotzdeem stellt e sech a sengem Rapport vun 2014 selwer d'Fro vu senger eegener Visibilitéit, well an deenen 13 Joer, wou et elo den ORK gëtt, hu sech séier wéineg Kanner a Jugendlech do gemellt. Den ORK fuerdert méi kannerfrëndlech Reklamatiounsméiglechkeeten hei am Land, déi méi no um Liewensalldag vun de Kanner sinn, sprëch lokal, an och méi eng kandgerecht Justiz.

De Conseil de l'Europe recommandéiert eng gesetzlech Verankerung vu Plaintëprozeduren, déi liicht accessibel fir Kanner a verschiddene Kontexter sinn.

Dee virleiende Protokoll soll, laut sengem Artikel 17, och der breeder Ëffentlechkeet aktiv zougänglech gemaach ginn an den Accès zu den Informatioune garantéiert ginn am Fall vun Affären, wou Lëtzebuerg betraff wier, ugepasst un déi Erwuessen, d'Kanner, an och déi mat spezifesche Besoinen.

Dofir hat d'CSV och bei den Diskussiounen zum Gesetzesprojet an der zoustänneger Chamberskommissioun d'Remarque vum Statsrot opgegraff an hannerfrot, ob d'Regierung déi néideg Mëttel dofir virgesinn hätt. An den Här Minister, deen hat jo an Aussiicht gestallt, dass fir 2016 déi néideg Ufro fir méi Ressourcë géif gemaach ginn. Dat geet awer an den Ae vun der CSV net duer, dofir ofschléissend e puer Froen un den Här Minister:

Wéi e Kommunikatiounskonzept huet d'Regierung an dëser Saach? Ginn den „Kanner-Jugendtelefon" an de Centre de Médiation zum Beispill matagebonnen?

Wéi wäit ass d'Regierung mat hirer ugekënnegter schneller Reform vum Gesetz vum ORK? Ginn do och Plaintëprozedure geregelt? Kënnen d'Kanner Assistance judiciaire, also en Affekot an dëser Saach ufroen?

D'CSV fënnt, dat wier eng ganz néideg Reform a plädéiert doriwwer eraus och fir d'Opstelle vun engem nationalen Aktiounsplang fir d'Kannerrechter, esou wéi am Beräich vun der Égalité des chances dat schonn de Fall ass, dat am Dialog mat alle Bedeelegten, an ech betounen „am Dialog", well dat ass jo net grad de Stil vun där heiteger Regierung.

A senger Äntwert...

Plusieurs voix.- Ooh!

Mme Sylvie Andrich-Duval (CSV).- ...op der Madame Modert a meng Question parlementaire seet de Minister, et wier en informellen, interministeriellen Aarbechtsgrupp domat befaasst. Wéi wäit sinn déi Aarbechten hei scho virugaangen?

Wéi gëtt och dem Impakt vun dësem Protokoll bei där méi wéi dréngender Reform vum Jugendschutzgesetz Rechnung gedroen? An do soll jo och deen Aarbechtsgrupp, ënner anerem, eng legal Basis kréien.

An ech kommen zu menger leschter Fro, Här President: Wéi wäit ass d'Regierung mat hiren Iwwerleeungen zu den institutionelle Froe ronderëm d'Ubannung vu sämtleche Mënscherechtsgremien un d'Chamber? An och, fir ze froen - well déi hu jo den Avis ginn, dass se wëllen dem Statsminister ënnergeuerdnet bleiwen -, d'Mënscherechtskommissioun? A kënnt et elo zu enger Maison des droits de l'Homme, wou all déi Gremien do zesummegefouert ginn? Wa jo, wéini? An ass och do d'Visibilitéit vum ORK garantéiert?

An domat soen ech lech Merci an, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ginn d'Zoustëmmung vun der CSV-Fraktioun zu dësem Gesetzesprojet.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och der Madame Andrich. Nächst Riednerin ass d'Madame Tess Burton.

Mme Tess Burton *(LSAP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll dann och dem Rapporteur, dem Lex Delles, Merci soe fir säi schréftlechen a mëndleche Rapport. An da wéilt ech och nach gären eng Kéier bei dëser Konventioun, ëm déi et hei geet, ënnersträichen, dass Lëtzebuerg eent vun deenen éischte Länner war, wat déi Konventioun ënner-

schriwwen hat. Domat weist Lëtzebuerg nämlech, wéi wichteg et ass, dass...

(Interruptions)

Geet de Mikro net?

(Interruptions)

Dach!

Domat weist Lëtzebuerg nämlech, wéi wichteg et ass, dass d'Rechter vum Kand respektéiert ginn, well dës Konventioun, déi mer elo hei ëmsetzen, ass eng weider Prozedur, fir de Schutz vum Kand ze stäerken.

An domadder géif ech dann och den Accord gi vun der LSAP-Fraktioun zu dësem Projet de loi.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme Tess Burton *(LSAP)*.- Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och. Nächste Riedner ass den Här Claude Adam.

M. Claude Adam *(déi gréng)*.- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, de Rapporteur, de Président-rapporteur huet eigentlech alles gesot, wat ze soen ass. Duerfir sinn ech och ganz séier derduerch.

Mir hunn hei den drëtte fakultativen Zousazprotokoll vun de Kannerrechter. Lëtzebuerg war eent vun - d'Madame Burton huet et och gesot - den éischte Länner, wat déi Konventioun ënnerschriwwen huet. An et ass och richteg, et geet net nëmmen duer, fir Konventiounen ze ënnerschreiwen, et muss een och derfir suergen, datt ee se anhält.

An déi gréng, grad wéi all meng Virriedner virdrun, ënnersträichen de Wëllen, fir d'Beméiungen am Intérêt vun de Rechter a vum Schutz vun eise Kanner a vun de Kanner alleguerten unzëerkennen.

Et ass nach ugeschwat ginn, d'Madame Andrich huet gesot, huet drop higewisen zu Recht, datt de Statsrot och iwwert den ORK eng Remarque gemaach huet. Dir hutt och zu Recht gesot, dee gëtt et net eréischt zënter datt déi nei Regierung do ass, dee gëtt et schonn zënter 13 Joer. A selbstverständlech verschléisse mir eis och net enger Debatt, ob deen ORK genuch Visibilitéit huet. Dat ass eng Debatt, déi ass ëmmer derwäert, fir gefouert ze ginn.

Méi kannerfrëndlech Kloméiglechkeeten, dat ass e Sujet, deen ech och ganz interessant fannen. Ech mengen, hei maache mer jo e Schrëtt dervun, mä dat ass e Sujet, deen een am Kader vum ORK soll nach eng Kéier diskutéieren. An de Minister - Dir hat dat och ugeschwat, Madame Andrich - hat an der Kommissioun och schonn ugeschwat, datt e géif a puncto ORK och nach déi eng oder déi aner Mesure bréngen.

Och d'Jugendschutzgesetz hat Der ugefouert, Madame Andrich. Och dat, d'Reform vum Jugendschutzgesetz, steet scho méi laang am Raum wéi déi nei Regierung do ass. An ech sinn och zouversiichtlech, datt mer do nach Diskussioune wäerte kréien. An ech freeë mech dorobber. Ech mengen awer, datt dat wäit iwwert dee Projet de loi 6788 erausgeet, fir deen ech d'Zoustëmmung vun der grénger Fraktioun bréngen.

Ech soen Iech Merci.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng)*.- Exzellent!

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och, Här Adam. An nächste Riedner ass den Här Fernand Kartheiser.

M. Fernand Kartheiser *(ADR)*.- Villmools Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, och en häerzleche Merci un den Här Delles fir dee Rapport, deen en eis gemaach huet. Mir wäerten eis awer als ADR enthalen, wa mer iwwert dëse Projet de loi hei ofstëmmen, well mir sinn eis an engem Punkt eens an awer och vläicht net ganz eens.

D'Kannerrechtskonventioun ass en Instrument vun zentraler Wichtegkeet fir d'Rechter vun de Kanner hei am Land, mä et ass eng Konventioun, déi scho laang leit, och hei. Mir hunn eng Virgeschicht, déi scho wäit zréckgeet, an ech erënneren hei un en Avis aus dem Joer 2004 vum Ombuds-Comité fir d'Rechter vum Kand, wou dra gesot gëtt, u sech wär déi Kannerrechtskonventioun a wichtegen Aspekter ni ëmgesat ginn a si wär souguer vu ville Geriichter considéréiert als „non directement applicable", an natierlech notamment an deem Kontext vu Scheedungssituationen, do, wou drasteet, datt e Kand d'Recht huet op perséinlech Relationen a regelméisseg Relationen mat sengen Elteren, wat natierlech direkt Implikationen huet op den Droit de visite et d'hébergement an och op d'Garde partagée - Froen, déi bis haut net geregelt sinn!

Dofir deet et eis och leed, datt de Justizminister haut net hei ass, well ech mengen, et wär déi Geleeënheet, fir och op d'Wichtegkeet vun engem neie Scheedungsgesetz opmierksam ze maachen, wou déi zwee Elterendeeler am Interessi vun de Kanner déiselwecht Rechter hätten, fir mat de Kanner kënne souwuel eng gemeinsam Responsabilitéit iwwert d'Kanner auszeübe wéi och eben dat Recht vum Kand op regelméissege Kontakt mat sengen zwee Elterendeeler ze garantéieren.

Dofir ass dat emol direkt eng Fro un d'Regierung: Wou ass dat neit Scheedungsgesetz drun, fir datt an deenen zentralen Aspekter d'Kannerrechtskonventioun hei zu Lëtzebuerg och wierklech kann applizéiert ginn?

Et kann een och net elo higoen an esou e Protokoll ratifizéieren, well grad e Gebuertsdag ass vun der Kannerrechtskonventioun oder well mir als Lëtzebuerger wëlle mat deenen Éischte sinn, och wann dat ganz léif ass; esou ee Geste ass ëmmer léif gemengt, mä domadder ass et net gemaach! Wann een esou eppes ëmsetzt wéi dat hei, do stelle sech och ganz substanziell Froen. Eng vun deenen ass zum Beispill: Firwat hu mer keen Avis gesi vum ORK fir dëst Gesetz? Firwat hu mer keen Avis vum Tribunal de la jeunesse? Well et si jo esou vill Froen, déi sech hei stellen!

Hei gëtt gesot, e Kand oder Gruppe vu Kanner kënnen eng Plainte maachen. Wéi wär do d'Prozedur? Wéi ass et mat der Autorité parentale an deem Fall? Wéi eng Forme vu Rechtsvertriedung wäre méiglech? Wéi eng Form oder Garantie de confidentialité hätten déi Kanner, wa se esou eng Prozedur géifen ufänke virun enger internationaler Instanz?

Mir wëssen, datt hei virum Jugendgeriicht ëmmer Debatte sinn, wou e Spannungsverhältnis ass tëschent dem Recht op Éffentlechkeet - et ass jo och eng Garantie am Rechtswiesen, datt eng Geriichtsverhandlung ëmmer soll ëffentlech sinn - op där enger Säit, an awer dem Schutzbedürfnis, wat absolutt legitim ass, vun deene Mannerjähregen an engem geriichtleche Verfahren. Also et gëtt eng ganz Rei Spannungsverfahren.

An da gëtt et och Defizienzen an deem Fonctionnement vun den Institutioune vun de Vereenten Natiounen, déi awer ëmmer erëm oder ganz dacks och visibel ginn, wann et ëm esou Kommissioune geet. Den Här Delles huet gesot, do sinn unerkannten Experten an där Kommissioun. Dat mag sinn. Mä u sech ginn et awer och ëmmer erëm Situatiounen, wou den Avis vun deene Kommissiounen esou gesteiert gëtt vun interesséierte Staten, datt se als Argument geholl ginn, fir laanscht Geriichtsuerteeler oder laanscht parlamentaresch Décisioune politeschen Drock auszeüben, fir gewëssen Änderunge virzehuelen.

Alles dat si Considératiounen, déi een hei muss mat a Betruecht huelen, well et geet eis jo zesummen ëm de Schutz vum Kand! An dee gesi mir elo hei ouni déi rechtlech Garantien a Clarificatiounen an ouni déi voll Applikatioun vun der Kannerrechtskonventioun zu Lëtzebuerg net garantéiert. Do wär eis Prioritéit gewiescht als ADR, derfir ze suergen, datt d'Kannerrechtskonventioun an allen Artikelen an notamment an deenen, déi a Scheedungssituationen applikabel sinn, hei emol géif ëmgesat ginn, an dann hätt een och kënnen déi weider Schrëtt huelen.

Ech soen Iech Merci. Mir wäerten eis als ADR enthalen.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Kartheiser. A leschte Riedner ass den Här David Wagner.

M. David Wagner *(déi Lénk)*.- Merci, Här President. Déi Konventioun, dee Protocole facultatif, dee mir haut wäerten unhuelen, ass eent vun deene wichtegsten Instrumenter op internationalem Niveau, fir d'Rechter vun de Kanner ze schützen. Deen drëtte Protokoll, dee wäert dann och déi Konventioun juristesch stäerken, an dat ass natierlech kruzial, well et ass déi eenzeg wichteg UN-Konventioun zu de Mënscherechter, wou et nach kee Complaintëmechanism gouf. An ouni dat huet natierlech esou eng Konventioun quasi kee Gewiicht. Dofir wäerte mir dee Gesetzesprojet natierlech matstëmmen.

Mir sinn do derfir a mir begréissen och, datt Lëtzebuerg esou schnell u sech dat mat ratifizéiert huet an ënnerschriwwen huet. Mir hoffen och, datt nach aner Länner wäerte motivéiert sinn, dat nach ze maachen.

Also dee Protokoll bréngt indirekt mat sech, datt déi Länner, déi dat da ratifizéiert hunn, encouragéiert ginn, hir national Justizsystemer besser op d'Rechter vun de Kanner kënnen auszeriichten. Dat ass och eng Erausfuerderung fir Lëtzebuerg.

D'Convention relative aux droits de l'enfant gëtt zu Lëtzebuerg natierlech besser ëmgesat wéi an deene meeschte Länner, mä dat heescht nach net, datt hei alles perfekt wier. An den ORK, et gouf och schonn hei gesot, deen hei de Monitoring mécht a fir déi Konventioun zoustänneg ass, dee mécht och eng ganz Partie Recommandatiounen. Et kann een dann e puer Beispiller nennen:

Den Zougang vun de Kanner zur Justiz muss appropriéiert sinn, dat steet och am Préambule vun deem drëtte Protokoll, dee mir hei unhuelen. Mä net nëmmen zur Justiz, och an alle relevante Strukture mussen d'Kanner d'Méiglechkeet hunn, sech ze äusseren an och eventuell Plaintë kënnen ze maachen, wéi an de Schoulen, an de Maisons relais, an de Sportsklibb an esou weider. Och do si mer nach gefuerdert, fir de Suivi ze maachen. Den Zougang vun de Kanner zu de staatleche Servicer muss appropriéiert sinn. Do muss een nach bürokratesch Hürden ofbauen.

An dann, och nach ganz wichteg, eng besonnesch Attentioun soll och gëlle fir d'Enfants migrants, well ier se Migrantë sinn, sinn et virun allem Kanner, an déi sinn natierlech besonnesch vulnerabel. A mir mengen, mir mussen dat och am Liicht vun Expulsioune gesinn, wou do och hir Rechter musse berücksichtegt ginn.

Voilà, dovunner ofgesinn, wäerte mer deen heite Projet natierlech matstëmmen. Ech soen Iech Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Wagner. D'Wuert huet direkt eise Jugendminister.

Prise de position du Gouvernement

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*.- Merci dem Rapporteur fir déi Explikatiounen an och Merci fir déi dach ganz breet Zoustëmmung, déi dee Projet de loi elo hei an deem Gesetz fënnt. Den Zousazprotokoll zu der Kannerrechtskonventioun, dee fakultativ ass, dee Lëtzebuerg awer als eent vun deenen éischte Länner mat ënnerschriwwen huet, denken ech, stäerkt nach eng Kéier d'Kannerrechter hei zu Lëtzebuerg, well doduerjer net nëmme Rechter definéiert sinn, mä Rechter mussen och kënnen aklobar sinn. An do, wou déi national Instanzen dat net zouloossen, gëtt eben elo déi Méiglechkeet och do par rapport zu der Kommissioun bei den UN agefouert heimadder.

Dat ass op där enger Säit e kloert Signal, op där anerer Säit e ganz konkret Recht fir Mineuren hei am Land. An et ass wouer, et ass an eenzelnen Interventiounen och ënnerstrach ginn, et däerf net bei engem klore Signal bleiwen. Mir mussen och kucken, datt mer op deenen anere Felder, wou Kannerrechter kënnen an och musse gestäerkt ginn, datt mer do virukommen.

Do ass hei an der Debatt nach eng Kéier drop higewise ginn: Wou wëlle mer den ORK, wat jo en zentraalt Element ass, wann et ëm Kannerrechter hei zu Lëtzebuerg geet, wou wëlle mer deen usidelen? De Regierungsprogramm proposéiert nach ëmmer, datt et éischter d'Chamber soll si wéi d'Regierung respektiv e Ministère.

Ech muss nach eng Kéier soen, datt ech mech net onbedéngt à l'aise spieren, als Minister mat zoustänneg ze si fir en Organ, wou haaptsächlech awer och Servicer, déi ënner meng Responsabilitéit an dem Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse falen, sollen och emol vläicht déi eng oder aner Kéier mat kontrolléiert ginn oder wou dann och Reklamatioune mussen traitéiert an diskutéiert ginn, déi sech par rapport zu eise Servicer, déi ënner eis Kompetenz falen, vun deem Ministère, artikuléieren. Ech fannen dat net déi ideal Solutioun. Duerfir géif ech nach ëmmer plädéieren, fir et bei d'Chamber ze huelen.

Mir hunn awer och eng Rei vu Meenungen oder eng Rei vu Propositiounen ze maachen, wann et drëms geet: Wéi kann den ORK an Zukunft vläicht nach aneschters fonctionnéieren? Wat kënne mer am Gesetz och nach aneschters definéieren?

Ech fannen, datt d'Nominatiounsprozedur vun de Memberen haut kaum beschriwwen ass, op jidde Fall net esou beschriwwen ass, wéi se misst beschriwwe sinn, datt mer do e stéckwäit méi Transparenz misste kréien. Ech denken och, wann déi Visibilitéit, déi den ORK schonn huet, mä vläicht sech nach ka weider erschaffen, wéi dat och hei gefuerdert ginn ass, da bräicht een eigentlech eng Administratioun och an dem ORK, déi fest dem ORK zousteet an net nëmmen op detachéiert Personal zréckgräift. Ech denken och, datt een déi finanziell Onofhängegkeet an deem Kontext nach eng Kéier soll kënnen diskutéieren.

An ech mengen awer och, datt ee vläicht nach eng Kéier méi prezis soll kucken, wien da Member ka ginn, wat d'Konditioune solle sinn, ob een net och do op där enger Säit eng Opdeelung kann hunn tëschent engem Ombudsmann fir Kannerrechter an op där anerer Säit engem Comité vun Experten, déi do kënne mat intervenéieren a géifen d'Diskussioun innerhalb vun deem Comité kënne beräicheren.

Duerfir, wann och hei gefrot gouf: „Wou ass dat drun?", denken ech, datt déi dote Froen da solle mat tranchéiert ginn, wa kloer ass, wou mer den ORK rattachéieren. D'Positioun vun der Regierung, op jidde Fall vun eisem Ministère, ass do nach ëmmer kloer.

Dat heescht awer och, datt mer eis net onbedéngt..., well hei gëtt gemengt, mir géife keen Dialog fleegen oder net genuch Dialog fleegen! Mir hunn net d'Gewunnecht, wann et ëm Kompetenze vun anere geet, an dësem Fall vun der Chamber, da mat der Dampwalz dohierzekommen an dann ze soen: Esou huet et elo ze sinn! Ech denken, wa mer eis eens kënne maachen, datt den ORK ënnert d'Kompetenz vun der Chamber soll kommen, datt mer dat mat der Chamber géife kucken a virun allem d'Chamber och do de Lead kéint dran iwwerhuelen. Mir sinn op jidde Fall bereet, déi Diskussioun an nächster Zäit ganz zilstrebeg ze féieren.

Dat gesot, sinn ech awer frou, datt mer dat heiten elo kënne virhuelen, well trotz de Bedenken, déi de Fernand Kartheiser hei geäussert huet, mengen ech awer, hënnert eis näischt dorunner, elo dëse Schratt ze maachen. Mir géifen hei awer zousätzlech Rechter, déi Mineuren an eisem Land géife kréien, deene virenthalen, well eng Rei vun éischter politesche Bedenken hei bestanen hunn. An Dir wësst, wat d'Intentioun vun der Regierung ass a puncto Scheedungsrecht, a puncto vun aneren Dossieren, déi Der hei opgeworf hutt. Do schaffe mer drun, mä et ass kee Grond, fir dat heiten haut elo net zu dësem Zäitpunkt ze stëmmen.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Jo, wann Der erlaabt, Här Minister, d'Madame Andrich wëllt nach eng Kéier nohaken.

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*.- Jo.

Mme Sylvie Andrich-Duval *(CSV)*.- Merci, Här President. Ech hätt nach eng Fro un den Här Minister, wou en elo net drop agaang ass, déi ech virdru gestallt hunn. A wann ech déi Saach vum Dialog gesot hunn, da war et drop gemënzt, dass dee Plan d'action national, also deen nationalen Aktiounsplang fir d'Kannerrechter sollt am Dialog mat all de Partner geschéien. An do hat den Här Minister jo an där Question parlementaire gesot, do géif deen interministeriellen, informellen Aarbechtsgrupp dru schaffen. Dat war eigentlech d'Fro, wéi wäit och deen do Projet wär.

Merci.

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*.- Ma, deen interministerielle Grupp, dee schafft och dorunner, an ech proposéieren, datt mer deemnächst eng Kéier, wa mer e bëssen Zäit hunn an eiser Kommissioun, dat op den Ordre de jour huelen an dann de Stand maachen dovunner, vun deenen Aarbechten: wéi wäit datt se haut gediehe sinn, wat scho kloer Konklusioune sinn, wat awer och vläicht nach oppe Froe sinn. Am Kontext vum Dialog, mengen ech, kann een d'Chamber och do gäre matabannen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci dem Här Minister.

Mir sinn domat um Enn vun eisen Diskussiounen ukomm a mir géifen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6788 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6788 et dispense du second vote constitutionnel

An d'Ofstëmmung fänkt och direkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. D'Ofstëmmung ass eriwwer.

De Projet de loi 6788 ass ugeholl mat 57 Jo-Stëmmen, bei 3 Enthalungen.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten,

Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. André Bauler), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Serge Urbany et David Wagner.

Se sont abstenus: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ass d'Chamber och bereet, d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

(Assentiment)

Da soen ech Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

A mir géifen zum nächste Projet iwwergoen. Dat ass de Projet 6803, e Projet, dee mat e bësse méi enger ongeméinlecher Prozedur hei am Haus ofleeft, well op Ufro vun der Kommissioun, vun der Commission juridique, a mam unanimen Accord vun der Conférence des Présidents gouf zréckbehalen, dass iwwer dëse Projet de loi konform zum Artikel 73 vun eisem Chambersreglement ouni Rapport an ouni Debatten ofgestëmmt gëtt.

Et ass keen Awand zu dëser Prozedur virun dëser Sëtzung erakomm, soudass där Ufro vun der Commission juridique Rechnung gedroe gëtt. D'Wuert huet d'Madame Rapporteur, d'Madame Viviane Loschetter, déi eis explizéiert, dass hei näischt verstoppt gëtt! Madame Loschetter, Dir hutt d'Wuert.

5. 6803 - Projet de loi portant modification de l'article 161 du Nouveau Code de procédure civile (sans rapport et sans débats)

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng), rapportrice.-* Jo, Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, et geet eigentlech hei just ëm eng kleng technesch Adaptatioun vun deem Projet de loi 6803, deen de 17. Abrëll dëses Joers déposéiert ginn ass.

An deem Projet de loi, do geet et eigentlech just drëms, fir den Artikel 161 vum Neie Code de procédure civile ze änneren, an zwar wëlle mer en a sengem Artikel 161 esou adaptéieren, datt mer schreiwen: «Est considérée comme signification à domicile la signification faite à l'adresse sous laquelle le destinataire est inscrit au registre national des personnes physiques.»

Eigentlech geet et drëms, fir den «registre de la population», esou wéi et bis elo dra war, ze ersetzen duerch d'Wierder «registre national des personnes physiques». Et handelt sech also ëm eng technesch Adaptatioun, déi awer noutwendeg ass, fir datt d'Dierwiechteren, d'Huissiers de justice, och hir Aarbecht konform zu deem Artikel 161 vum neie Code kënne maachen.

De Statsrot gesäit dat och esou an en huet och net verfeelt, ons matzedeelen, datt en eigentlech dat scho méi laang esou gesäit, well och beim Artikel 46 vun deem Gesetz, wat mer den 19. Juni 2013 veröffentlecht hunn, do hat de Statsrot schonn a sengem Avis gesot, datt ee misst «prévoir la possibilité pour les auxiliaires de justice», dat heescht, en hat schonn deemools virsiichteg a viraussiichteg drop higewisen. An dofir maache mer dann haut e bësse spéit, mä léiwer spéit wéi ni, déi technesch Adaptatioun.

Ech soen lech Merci.

Mme Josée Lorsché *(déi gréng).-* Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Merci och. A vu dass mer keen Débat maachen, komme mer direkt zur Ofstëmmung iwwert de Projet 6803.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6803 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt och direkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. D'Ofstëmmung ass elo ofgeschloss.

A mir hunn Eestëmmegkeet bei der Ofstëmmung.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Gusty Graas), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Serge Urbany (par M. David Wagner) et David Wagner.

An ech géif lech dann nach froen, ob Der d'accord sidd fir d'Dispens?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

Eisen nächsten a leschte Punkt vum Ordre du jour vun haut ass eng Orientéierungsdebatt iwwert déi zukünfteg Wunnengspolitik, déi ugefrot ginn ass vun der CSV-Fraktioun. D'Riedezäit ass nom Modell 2 festgeluecht.

An d'Wuert huet direkt den Här Wiseler.

6. Débat d'orientation sur l'orientation future de la politique du logement

M. Claude Wiseler *(CSV).-* Här President, ech wëll just froen, datt, oder soen, datt dat hei eng ganz wichteg Debatt fir eis als CSV-Fraktioun ass, wou mer scho méintelaang froen, fir kënnen iwwert déi Problematik vum Logement ze schwätzen. Ech stelle just fest, datt fir dës Debatt haut heibannen d'Madame Minister net präsent ass an de Statssekretär dës Debatt féiert.

Meng Fro ass: Wéi ass dann d'Kompetenzopdeelung an der Regierung tëschent der Ministesch an dem Statssekretär? Wéi ass et méiglech, datt eng Ministesch bei esou enger wesentlecher Debatt net emol Zäit fënnt, fir an d'Chamber ze goen? A wéi stellt ee sech an Zukunft vir, datt soll de Ministère du Logement gefouert ginn?

Une voix.- Den Här Hansen muss laachen.

(Interruptions diverses)

M. Michel Wolter *(CSV).-* Dat ass incroyabel!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Wëllt den Här Statssekretär direkt dorop reagéieren?

Une voix.- Neen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Da wäert en am Laf vun der Diskussioun dorop zréckkommen. An d'Wuert huet direkt dann den...

M. Michel Wolter *(CSV).-* Oh, Här President, mir hätten awer gären eng Antwert dorop!

(Brouhaha général)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Jo, also,...

M. Claude Wiseler *(CSV).-* Här President, ech fannen et awer net eng onwesentlech Fro, wéi hei d'Tâchenopdeelung ass tëschent der Ministesch an dem Statssekretär a wien dann hei déi Debatt mécht a wéisou déi Opdeelung ass.

(Brouhaha)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Ech mengen, d'Fro ass ganz kloer gestallt. An den Här Statssekretär huet och ze verstoe ginn, dass en zum jëtzegen Zäitpunkt net wëllt äntwerten.

Une voix.- E muss nach iwwerleeën.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Ech stellen domat fest, dass...

M. Claude Wiseler *(CSV).-* Mir stelle fest, datt de Statssekretär net wëllt äntwerten op déi Fro.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Jo, dat ass genee dat, wat ech gesot hunn.

Une voix.- Hie laacht just.

(Brouhaha)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* D'Wuert huet elo direkt den Auteur vun...

Une voix.- ...Regierung, fir de Logement.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* ...der Demande, den Här Marc Lies.

M. Gast Gibéryen *(ADR).-* Wien ass da responsabel an där Regierung hei? Vum Logement?

M. Marc Lies *(CSV).-* Merci...

(Brouhaha et coup de cloche de la présidence)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Wann ech gelift! Am Moment huet just den Auteur vun der Demande d'Wuert!

M. Gast Gibéryen *(ADR).-* Ech war alt ëmmer der Meenung, datt dee responsabel wär, deen d'Pai kritt.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Dir sidd alleguer ageschriwwen an Dir kënnt Ar Meenung dann och ganz detailléiert hei op der Tribün virbréngen. Här Lies, Dir hutt d'Wuert.

Exposé

M. Marc Lies *(CSV).-* Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, bon gutt, ech mengen, Dir musst mer vläicht e puer Minutte méi zougestoen, Här President, well opgrond vun der Netpräsenz vun der Madame Minister wäert meng Ried dann awer elo mussen deelweis ëmformuléiert ginn.

Une voix.- Oh!

(Brouhaha)

M. Marc Lies *(CSV).-* Duerfir, an deem Sënn dann, sieft nosiichteg, wann effektiv en cours de route deen een oder deen anere Saz da muss ëmformuléiert ginn.

(Interruptions)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Här Lies, Dir hat an Ärer viregter Argumentatioun, fir d'Riedezäit verlängert ze kréien, mengen ech, scho gutt Argumenter bruecht,...

M. Marc Lies *(CSV).-* Voilà, très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* ...soudass Der déi zougestane kritt, well Der och fir d'CSV mat schwätzt.

M. Marc Lies *(CSV).-* Voilà. Gutt. Dann, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, nach eng Kéier, ech wéilt ufänke mat enger klenger Intro a Chifferen.

Ech mengen, d'Madame Loschetter huet och nach eng Fro?

Ech si frou, datt mir dësen Débat haut hei kënne féieren. De Sujet vum Logement ass hei am Land an deene leschte Joren zu engem richtegen Dauerbrenner ginn. Bei de Wahlversammlunge virun zwee Joer wor dëst och ëmmer e Sujet, deen d'Leit beweegt huet.

Déi nei Regierung huet de Wunnengsbau dann och zu enger vun hiren Haaptprioritéite gemaach. Eist Land ass, bedéngt duerch seng geografesch an duerch seng wirtschaftlech Lag, an deene leschte Jore praktesch explodéiert, wat de Populatiounswuesstum ugeet.

Erlaabt mer, datt ech lech elo vläicht deelweis mat esou munche Chiffere bombardéieren, mä ech mengen, et ass wichteg, fir einfach emol den Istzoustand ze maachen, wéi d'Situatioun hei am Land ass, respektiv wéi se an deene leschte Joren dann dee Moment och evoluéiert huet.

Op den 1. Januar 2015 hat de Grand-Duché eng Awunnerzuel vu 562.958 Leit. Den 1. Januar 1960, virun eppes méi wéi 50 Joer, hunn awer nëmmen 313.050 Bierger hei am Land gewunnt. Dat ass eng Croissance vu 75,5% innerhalb vun eppes méi wéi 50 Joer.

Eis dräi Nopeschlänner hu folgende Populatiounswuesstum op déi lescht 50 Joer virzeweisen: Frankräich läit bei enger Croissance vu ronn 40%, d'Belsch bei 21% an Däitschland bei 13%. D'Europäesch Unioun verzeechent eng Croissance moyenne vu 25%.

Am Joer 2013 louch de Populatiounszouwuess an der EU bei 3,4‰. Lëtzebuerg läit hei bei engem Plus vun 19‰, wat d'Migratioun ugeet, a bei 23,3‰, wat de Gesamtzouwuess ugeet. Duerno kënnt Malta mat 9,5‰ a Schweden mat 9,3‰. Lëtzebuerg ass also dräimol esou séier gewuess wéi d'Moyenne an der EU an deene leschte 50 Joer. Am Joer 2013 si mir zweemol méi séier gewuess wéi Malta, wat déi zweethéchste Croissance an der EU 2013 hat.

Virun zéng Joer, op den 1. Januar 2004, huet eist Land 455.000 Awunner gezielt. Op den 1. Januar 2009, matten an der Finanz- a Wirtschaftskris, hu 493.000 Leit am Grand-Duché gelieft. Am Zéngjoresvergläich entsprécht dat enger Croissance vu ronn 21%. Am Fënnefjoresvergläich, während de Krisejore wuelverstanen, entsprécht dat enger Croissance vun ëmmerhin 11,5%.

Wa mir d'Analys maachen, wéi eis Populatioun iwwert déi lescht Jore gewuess ass, da stelle mer fest, datt an deene leschte fënnef Joer de Wuesstum nach méi rasant wor wéi an deene Jore virdrun.

Vergläicht een dat iwwert déi lescht aacht Joer, wéi vill Wunnenge pro Joer färdeggestallt gi sinn, da komme mer op folgend Zuelen: 2005 goufen 1.979 Wunnenge färdeggestallt, 2006 2.266, 2007 3.023, 2008 deen absolutte Rekord mat 4.444, 2009 3.740, 2010 2.824, 2011 2.162 an 2012 2.304. Dat entsprécht am Ganzen 22.742 Wunnengen, an net, esou wéi och d'Madame Minister d'lescht Joer nach behaapt huet, 7.300 Wunnengen, déi anscheinend an där Zäit gebaut gi wieren.

An de Joren 2011 bis haut gouf folgend Zuel un neie Baugenehmegungen ausgestallt: 2011 4.323, 2012 4.305, 2013 3.761. Am Joer 2014 goufen insgesamt 6.360 Autorisatiounen ausgestallt, dovun am leschten Trimester 2.872, wat sécherlech ganz kloer domat ze dinn huet, datt dann dee Moment och d'Hausse vun der TVA op Zweetwunnengen ab dësem Joer agefouert ginn ass.

An de Krisejoren 2009 an 2010 goufen 3.693 respektiv 3.892 Autorisatiounen ausgestallt. Kuckt een den Achèvement vu Wunnengen am Joer 2011 - 2.162 -, berechent mat enger mëttlerer Bauzäit vun engem bis zwee Joer, da stelle mer fest, datt sécherlech opgrond vun der Kris ronn 1.500 Wunnengen net gebaut gi sinn. Mat dem Achèvement vun 22.742 Wunnenge vun 2005 bis 2012 an de Baugenehmegungen, déi ausgestallt gi sinn tëschent 2011 an 2014, komme mer op e Chiffer vun 41.491 Wunnengen, wat enger Moyenne vu ronn 4.150 Wunnenge pro Joer entsprécht.

Eist Land huet en enorme Solde migratoire iwwert déi lescht puer Joren opzeweisen. Am Joer 2011 wor et beispillsweis en Zouwuess vun 13.013 Leit, 2012 woren et 12.186 Awunner, 2013 12.641 an elo, d'lescht Joer, 2014, och en absolutte Rekord mat 13.278 Leit. Wa mer déi lescht véier Joer zesummerechnen, da komme mer op e Plus vun 51.118 Awunner. Rechne mer dës Zuel duerch e Ratio vun 2,3 Awunner pro Wunneng, ergëtt dat e Chiffer vun 22.225 Wunnengen, déi an deene leschte véier Joer hätte misse gebaut ginn.

D'Gréisst vun de Ménagen huet awer och am Laf vun de Jore geännert. Woren et am Joer 2001 nach 2,5 Persoune pro Ménage, esou läit d'Wohnungsbedarfsprognose am Joer 2021 bei 2,3 Persoune pro Ménage. Dat heescht also, datt mer an de kommende Joren nach méi Wunnenge brauchen, fir der Demande Rechnung ze droen.

Eis Wunnenge sinn am Duerchschnëtt nach ze grouss. Hei wier et ubruecht, och am Bestand derfir ze suergen, datt méi Wunnunitéiten autoriséiert kéinte ginn.

Opgrond vun deene Chifferen, déi ech lech hei presentéiert hunn, gesäit ee ganz kloer, datt eist Land sech an enger ganz spezifescher Situatioun befënnt. D'Krisejoren hu bewiirkt, datt manner Wunnenge gebaut gi sinn an och manner Baugenehmegungen ausgestallt gi sinn. Op där anerer Säit hunn déi gutt wirtschaftlech Situatioun an dat positivt soziaalt Ëmfeld dozou gefouert, datt vill Leit aus hiren Heemechtslänner fortgezu sinn, fir eng besser Zukunft an engem anere Land ze fannen. Lëtzebuerg ass hei d'Paradebeispill an der EU, wat dës Migratioun ugeet.

Dir Dammen an Dir Hären, ech wéilt awer och e puer Wuert iwwert d'Mesuren an d'Hëllefe vum Stat schwätzen. Déi viregt Regierungen hunn eng ganz Rei Efforte gemaach, fir méi Offer um Wunnengsmaart ze schafen, mat beispillsweis dem Pacte Logement oder dem Paquet Logement; d'Iddi vun enger Wunnengsbaugesellschaft wor sécherlech och déi richteg Pist. Dës Wunnengsbaugesellschaft a Kombinatioun mat deene lokalen Akteuren, also de Gemengen, hätt am Beräich vum sozialen oder subventionéierte Wunnengsbau an deenen nächste Joren zu engem richtege Schub kënne féieren.

Aus dësem Grond ass och de viregte Wunnengsbauminister, de Marco Schank, virun an no de leschte Gemengewahle bei d'Gemenge gepilgert, fir hinnen de subventionéierten a soziale Wunnengsbau um Gemengenniveau schmackhaft ze maachen. Datt dëse Pèlerinage seng Friichte gedroen huet, beweisen d'Berichter aus de Gemengeréit. Zanter enger Rei vu Jore beméien d'Gemenge sech aktiv, Terrainen opzekafe respektiv Initiativen ze ergräifen, fir subventionéierte Wunnengsbau oder Mietwunnengsbau ze bedreiwen.

Obwuel de Fonds du Logement an d'Société Nationale des Habitations à Bon Marché an deene leschte Jore vill Efforte gemaach hunn, fir subventionéiert Wunnengen oder Mietwunnengen op de Marché ze bréngen, geet dat sécherlech net duer, fir der Demande Rechnung ze droen.

Wat de reelle Besoin vu Sozialwunnengen ugeet, do ginn d'Meenunge wäit auserneen.